LËSCHT
4

CSV
NIDDERAANWEN

Juni 2023

## LÉIF MATBIERGERINNEN, LÉIF MATBIERGER,

**Eist Team vu 6 Fraen a 7 Männer** schafft elo schonn iwwert ee Joer intensiv zesumme fir sech optimal op déi kommend Erausfuerderunge virzebereeden.

Esou hate mir Zäit fir e komplette Walprogramm opzestellen, deen op 3 Piliere baséiert – **biergerno, solidaresch an zukunftsorientéiert.** Eise Walprogramm skizzéiert eis Visioun vun der Entwécklung vun eiser Gemeng an déi geet **iwwert déi nächst Legislaturperiod eraus.**

Geneesou wéi an de leschte Joren a Joerzéngten, steet d'CSV Nidderaanwen net fir eng kuerzfristeg Politik, mee fir eng Politik déi d'**Wäiche fir d'Zukunft stellt!**

Eis **dynamesch a kompetent Ekipp** mat ganz ënnerschiddlechen Erfarungen a Kompetenzen a mat engem Altersduerchschnëtt vun **43 Joer**, ass bereet sech laangfristeg fir eis Gemeng z'engagéieren. No engem Joer zesummeschaffe kann ee wierklech soen, datt mir en agespilltent Team si mat enger **gemeinsamer Visioun fir eis Gemeng,** déi mir zesumme mat eise Memberen a Matbierger bei eise Workshoppen ausgeschafft hunn.

Zu dëser Ekipp gehéieren och ech, als **Spëtzekandidat**. Duerch meng 12-järeg Erfarung als Schäffen, hunn ech mir dat néidegt Wëssen iwwert déi verschidde Facette vun eiser Gemeng ugëeegent.

Ech denken, datt ech zesumme mat menger Ekipp, déi **richteg Mëschung** matbréngen, bestoend aus **Erfarung** an awer och **Dynamik, Energie an Engagement** fir nei Iddien a Projeten unzegoen an et wär mir eng grouss Éier eis Gemeng kënnen ze féieren.

Wann ech **Buergermeeschter** géing ginn, dann ass dat fir mech e **Vollzäit-Job** an doduerch datt ech décidéiert hunn am Oktober net mat an d'Chamberwalen ze goen, wäert ech mech also voll a ganz op eis Gemeng kënne konzentréieren.

Dës Aarbecht mécht een awer hautdesdaags net méi eleng: et brauch een eng kompetent Ekipp, eng staark Administratioun a motivéiert Matbierger, Veräiner a Betriber déi bereet si sech z'engagéieren an esou eis **Gemeng Nidderaanwen zesumme virunzebréngen.**

Wann Dir sécherstelle wëllt, datt eise Programm vun eisem Team kann ëmgesat ginn, da maacht e Sonnden ee Kräiz ganz uewen bei d'**Lëscht 4** vun der CSV Nidderaanwen.

Villmools Merci fir Är Ënnerstëtzung!

Fir d'Team 2023,

Fréd Ternes

nidderaanwen.csv.lu CSV Niederanven 691 14 45 14 Niederanven2023@csv.lu

ONLINE OP 4 SPROOCHEN
ONLINE IN 4 SPRACHEN
EN LIGNE EN 4 LANGUES
ONLINE IN 4 LANGUAGES

CSV NIDDERAANWEN

# NIDDERAANWEN ZESUMME VIRUBRÉNGEN

**BIERGERNO**
**SOLIDARESCH**
**ZUKUNFTSORIENTÉIERT**

1. BIERGERORIENTÉIERT OFFER AUSBAUEN
2. SOLIDARESCHT ZESUMMELIEWE FËRDEREN
3. WEICHE FIR D'ZUKUNFT STELLEN

CSV ☒

| | | |
|---|---|---|
| TERNES Fréd | | |
| AGUILAR Marc | | |
| BAUER Jacques | | |
| CUNGS Metty | | |
| KIEFFER ÉP. PEFFER Véronique | | |
| KOCH Caroline | | |
| KOOB Alex | | |
| KREMER ÉP. DUPONG Martine | | |
| NANDHA Sandra | | |
| REDING Patrick | | |
| SCHARFE Marthe | | |
| SCHUMACHER Anne | | |
| THEISEN Michel | | |

2023
11. JUNI

V.l.n.r.: Jacques BAUER, Alex KOOB, Caroline KOCH, Anne SCHUMACHER, Metty CUNGS, Véronique KIEFFER ép. PEFFER, Martine KREMER ép. DUPONG, Michel THEISEN, Sandra NANDHA, Fréd TERNES, Marthe SCHARFE, Marc AGUILAR, Patrick REDING

